Möllerdaller Produzenten

*Rezept vum* TUDORSGEESCHTER

# SPEEDY-MISU

*6 Portiounen* *15 Minutten* *Hierscht*

**Eegiel (4)** an **Zocker (100 g)** schloen, **Mascarpone (500 g)** a **Speedy (3-4 lL)** derbäi schëdden an dat Ganzt gutt mëschen. D'**Eewäiss (2)** zu Schnéi schloen a virsiichteg ënnert d'Mass hiewen. D'Hallschent vun de **Läffelsbiscuiten (insgesamt 200 g)** kuerz an de **Speedy (3–4 lL)** oder den **Orangëjus (¼ l)** zappen, duerno an d'Schossel leeën a mat der Hallschent vun der Mascarponecrème bedecken.

Dee ganze Spaass mat der anerer Hallschent widderhuelen an duerno alles beienee fir e puer Stonnen an de Frigo stellen.



*sënnlech*

LEADER

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete.